

Zoom

D'STUDENTENZEITUNG



IWWERBLÉCK

Studentefoire	
04	Dëst Joer nei: den 30. Oktober fënnt d'Journée de rencontre um Belval statt. Hei ass d'ACEL zesumme mat senge Memberscerclë vertrueden.
REEL	
05	Vum 7. bis den 10. Oktober huet d'REEL ënnert der traditioneller Form stattfonnt. 140 Student:innen hunn sech zu München getraff an iwwert Problemer vun de Student:inne geschwat.
Guiden – De Studenteguide	
06	Dëst Joer huet d'ACEL déi 3. Editioun vun hirem De Studenteguide rausbruecht, den un ronn 3.500 Schüler:innen am Grand-Duché verdeelt ginn ass.
De Studentebal	
07	Endlech huet den erëm stattfonnt! De Studentebal ass den 24. September op der Wiss beim P&R Bouillon iwwert d'Bün gelaf.



De Studentebal op der Wiss nieft dem P&R Bouillon

VIRWUERT

Léif Lieserinnen, Léif Lieser,

ech sinn houfreg, lech dës nei Editioun vun eisem Zoom, déi traditionell am Kader vun der Studentefoire erausbruecht gëtt, kënnen ze präsentéieren an lech dobäi e Réckbléck op dat lescht Joer kënnen ze ginn.

D'ACEL – De Studentevertrieder bléckt op e spannend an awer net ëmmer sou einfacht Joer zeréck. D'Pandemie huet eise Studentenalltag weiderhi verschéiert. Laut eiser Ëmfro huet de Student:innen hir mental Gesondheet staark doduerch gelidden. D'Gefill, agespaart ze sinn oder keng Frënn kënnen ze gesinn, si puer Grënn, wisou et de Student:inne méi schlecht gaangen ass. D'ACEL huet sech dofir och dëst Joer als Prioritéit gesat, d'Student:innen sou schnell an natierlech an



Polina BASHLAY
Vizepresidentin Information

sou gutt wéi méiglech ze ënnerstëtzen. Mat den zoustännegen Ministère hu mir no Léisunge gesicht.

Am Zoom kritt Dir en Abléck iwwer déi verschidde Projeten, déi am Kader vun deenen dräi Piliere – Information,

Regruppement a Representatioun – dëst Joer realiséiert gi sinn.

Mir sinn och ganz frou, datt mir Schrëtt fir Schrëtt eise Wee an d'Normalitéit zeréckfannen a schonn e puer vun eisen Eventer, natierlech ënner Berécksichtigung vun de sanitäre Mesuren, konnte stattfannen. Nei Konzepter hu mir a kierzester Zäit fir eis traditionell Eventer ausgebaut an et huet sech eiser Meenung no gelount, wéi mir dat um Student fir 1 Dag oder dem Studentebal gesinn hunn.

En décke Merci geet un all eis Cercle an eis Partner, ouni déi mir eis Aarbecht net esou kéinten ëmsetzen, wéi mir dat an deene leschte Jore gemaach hunn.

Mir wënschen lech vill Spaass beim Liesen.



WAT ASS D'ACEL?



D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass ee Comité den aus Lëtzebuurger Studente besteet, déi als Zil hunn, d'Schüler an d'Studenten aus dem Land iwwert déi verschidde Studiëgänger ze informéieren, se reegelméisseg zesummenzebréngen an se duerch ee permanenten Kontakt mat deene verschiddene Ministère, ze representéieren.

D'ACEL ass 1984 gegrënnt ginn an huet sech säitdeem als Missioun gesat, dass d'Studente besser gehéiert solle ginn. D'Association ass zanterhier net méi aus dem Lëtzebuurger Studentemilieu ewechzededenken. Haut vertritt d'ACEL iwwert 40 Studentencercelen,

déi duerch d'ganz Welt verdeelt sinn. Et fënnt ee se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an Éisträich, an der Schwäiz, a Groussbritannien, an Holland an an den USA. Dës Cercelen empfänken d'Lëtzebuurger Studente während hirer Studienzäit an hirer Studentestad a ginn de Studenten d'Méiglechkeet, u flotten Eventer deelzehuelen.

Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cercelen. Dozou gehéieren d'Medezins-, d'Ekonomies-, d'Droits-, d'Psychologies-, d'Archivistik/ Bibliothekär-, d'Ingenieurs-, d'Kommunikatiouns- an d'BTS-Studenten.

Dëst grouss Unzuel u Cercle méischt d'ACEL zum gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg.

WAT ASS D'AUFGAB VUN DER ACEL?

MIR REGRUPPÉIEREN

Ee vun den ACEL hiren dräi Haaptziler ass et, d'Studenten aus deene verschidde Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL alljoers verschiddenen Evenementer. Ee vun deene gréissten Eventer ass „De Studentebal“ deen alljoers am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschiddene Studentestied zesummen.

Ee weidert Event ass den „Tournoi de Noël“, deen alljoers am Dezember stattfënnt an deene verschiddene



Studentecercelen d'Méiglechkeet gëtt, während 2 Deeg, am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen ungetrieden.

Och d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL), déi all Joer ronn 150 Lëtzebuurger Studenten an enger europäescher Studentestad zesummebréngt, ass ee wichtegt Evenement, dat d'Studente vereent.

MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, dass d'Schüler an d'Studenten iwwert hir Méiglechkeeten nom Lycée, während dem Studium esou wéi och no de Studien informéiert ginn.

Fir dëst Zil ze erreechen, bréngt d'ACEL alljoers verschidde Publikatiounen eraus. Am „Guide du Futur Étudiant“ fannen d'Schüler all déi néideg Informatiounen iwwert déi verschidde Studentestied, wéi och iwwert déi verschidde Formatiounen, déi an deenen eenzele Länner ugebuede ginn. „De Studenteguide“ riicht sech un d'Studente während hirer ganzer Studienzäit. Nieft deenen wichegsten Informatiounen ronderëm d'Studenteliewen, wéi dem Finzement vum Studium oder hëllefärich Tipps zur Wunnengssich, informéiert dës Broschür och iwwer Besonneschkeeten a verschiddene Länner. De „Guide du Futur Diplômé“ gëtt de Studenten eng ganz Rei vun Informatiounen mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Beruffswelt erlichtere soll. Niewent dësen dräi Publikatiounen geet d'ACEL och reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert Land, fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren.

Fir de Schüler bei hirer Entscheidung iwwer zukünfteg Studien ze hëllef, organiséiert d'ACEL alljoers de „Student fir 1 Dag“. Hei hunn d'Schüler d'Méiglechkeet, mat engem Bus an hir zukünfteg Studentestad ze fueren a sech op der Plaz vun de Lëtzebuurger Studenten d'Stad, d'Uni an aner




Raimlechkeete weisen ze loossen. D'Schüler kommen esou a Kontakt mat de Lëtzebuurger Studenten a kënnen sech all hir Froen iwwert d'Studenteliewe beäntwere loossen.

D'ACEL an hir Membercercle sinn och alljoers op der „Foire de l'Étudiant“ vertrueden, déi am November stattfënnt, fir den zukünfteg Studenten esou vill wéi méiglech nützlech Informatiounen mat op de Wee ze ginn an hinnen all hir Froen, wat d'Studéieren ugeet, ze beäntweren.

MIR REPRESENTÉIEREN

Nierwt dem Regroupement an der Information, vertritt d'ACEL d'Studenten virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministère, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, wéi och dem Aarbechtsministère. D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och de Studenten am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht, datt si keng bestëmmt parteipolitesch Meenung vertritt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Studenten ze representéieren, wëll gerecht ginn.



WEEEN ASS D'ACEL?

Du hues dech schonn ëmmer
gefrot wien alles hannert der
ACEL stécht?

Hei hues du ee klengen
Iwwerbléck iwwert eise Comité.



Benjamin KINN
President



Polina BASHLAY
Vizepresidentin
Informatioun



Lynn DUCHAMP
Vizepresidentin
Regroupement



Michelle HEYDER
Vizepresidentin
Representatioun



Lou PEPIN
Sekretär



Charel MARCY
Tresorier



Lara SCHNEIDER
Grafikerin



Michel KLOMP
Informatiker



Yannick BERTRAND
Comitésmember
Informatioun



Vicky KLEIN
Comitésmember
Informatioun



Catherine NILLES
Comitésmember
Informatioun



Ann BERTEMES
Coopté
Informatioun



Mathis MICHELS
Comitésmember
Regroupement



Tim KRIES
Comitésmember
Regroupement



Sven BETTENDORF
Coopté
Regroupement



Charel KARIER
Comitésmember
Representatioun



Belkisa TRIMI
Comitésmember
Representatioun



D'ACEL
a seng Cerclen



Dëst Joer fënnt Studentefoire ënnert enger Hybridform statt – een Deel digital an den aneren Deel a Präsens.

Den 28. an 29. Oktober 2021 vun 9:00 bis 17:00 ass den online Deel. Sou wéi lescht Joer kanns de hei dech duerch eng Plattform duerchklicken a bei Interessen dech mam Stand a Kontakt setzen. Do niewendrun ginn och eng Rei Webinaren ugebueden. Den 28. Oktober tëschent 11:00 an 11:45 hält d'ACEL säi Webinar zum Thema "ACEL an seng Cerclen. Alles wat zum Studenteliewen dozou gehéiert." Do hues du d'Méiglechkeet d'Cerclesliewen e bësse kennenzeléieren.


Weider Informatiounen zu de Stänn an de Webinare fënns du (ab dem 25. Oktober) op www.studentefoire.lu

Ueschléissend zu der digitaler Foire, fënnt den 30. Oktober d'Journée de rencontre um Belval an der Maison du Savoir statt. Natierlech ass d'ACEL mat senger Memberscercle do vertrueden a stinn dir zu Verfügung fir dir all deng Froen ze beäntweren, déi dech als zukünftege Studente beschäftegt. Notz déi Geleeënheet a komm bis laanscht!

ACEL & Fachspezifesch Cercle



Däitschland




Frankräich



Schwäiz



Éisträich



Holland



Belsch




Groussbritannien



USA



Weider Cercle vun der ACEL (leider sinn dës Cercle dëst Joer net op der Foire dobäi)



REEL 2021 ZU MÜNCHEN



No engem laange Joer Paus, konnt déi 36. Editioun vun der REEL endlech nees vum 7. bis den 10. Oktober zu München statt fannen. Lescht Joer misst d'REEL leider wéinst der Pandemie ofgesot ginn, mee déi Münchener Studenten hunn sou wéi schonn 2007 an 2014 och 2021 d'Organisatioun eng weider Kéier an d'Hand geholl.

Den Organisationscomité vun der REEL huet seng Aarbecht direkt am Dezember 2020 no der Wanter AG vun der ACEL gestart. Et sollt laang an ustrengend Preparatiounen ginn déi vun enger ëmmer presenter Ongewëssheet gepräagt waren. Am Virdergrond vun der Organisatioun stoung net nëmme de Spaass vun de REELaner, mee virun allem och hier Gesondheet!

Schlussendlech konnten Donneschdes Moies de 7. Oktober 120 REELaner nieft de Gebailechkeete vun der TUM begréisst ginn an zesumme mat den 19 Münchener Studenten aus dem REEL's Comité de Start vun der REEL 2021 aleeden. Déi eng REELaner haten 8 Stonne Busfaart hannert sech, déi aner koume selwer ugereest, mee fir jidderee goug et dunn direkt mat den traditionelle Workshops vun der ACEL an de Raimlechkeete vun der Motorworld lass. Hei stounge virun allem d'Cerclë vun der ACEL am Mëttelpunkt. Am éischte Workshop huet sech alles ëm de Cercle a seng Membere gedréint. Den zweete Workshop sollt de Cercle hëllef Eventer zu Lëtzebuerg an am Ausland ze organiséieren. Am leschte Workshop ass d'Kommunikatioun an d'Zesummenaarbecht tëschent der ACEL an de Cercle diskutéiert ginn. No dësem produktive Moie gouf sech déi éischt Stäerkerung an der Osteria da Massimo geholl. Dono goug et zesumme mat de Partner vun der REEL, och nees an der Motorworld, weider. D'REELaner konnten sech als éischt interessant Virtrag aus de Beräicher Wirtschaft an Ingenierie un héieren an am Schloss ass et mat enger Jobfoire weider gaangen. Hei stoung virun allem den Austausch tëschent de Studenten an der Aarbechtswelt am Mëttelpunkt! D'Entreprises haten d'Méiglechkeet sech an hier Aktivitéit virzestellen an dofir konnten d'Studenten sech ob d'Sich no hirer nächster Stageplaz oder souguer hirem éischte Patron maachen. Den Dag gouf dunn am Maxes² ausklänge gelooss, wou d'Studenten an d'Partner nach eng leschte Kéier zesummen Ustousse konnten.



Den zweeten Dag gouf mam kulturellen Deel vun der REEL gestart. De Campus Garching gouf besicht, wou eng Grupp Studenten d'Leibniz Rechenzentrum (LRZ) an déi aner Grupp d'Forschungs-Neutronenquell (FMR II) besicht hunn. Eng aner Grupp u Studenten konnt d'Schleißheimer Schlässer bewonneren oder eng Visitt duerch déi al Pinakothek genéissen. Déi lescht Grupp huet déi däitsch Vergaangenheet opgeschafft an ass dofir an d'NS-Dokumentationszentrum gaangen. Eet et op de Rallye duerch ganz München gaangen ass gouf sech de Bauch am Hans im Glück nach gutt voll geschloen. Um Rallye missten d'REELaner nieft hirer Allgemeng Bildung, Geschécklechkeet an hirer Ausdauer och hier Drénkfestegkeet ënner Beweis stellen. De Rallye duerch d'Stad sollt de REELaner net nëmme dat schéint München weisen, mee hinnen och d'Natur méi no bréngen wou och an enger Grousstad wéi München vill Vullen ze gesi sinn! Nom laange Rallye hunn sech d'REELaner nees all am Löwenbräukeller erëm fonnt vu wou aus si dann all zesummen am Club „Call me Drella“ dëse kulturellen Dag ofschléisse konnten.

Samschdes stoung de politeschen Dag um Programm. Hei sollt sech nach eemol alles em Thema vun der REEL dréien „*Mam Studium fäerdeg an elo? Lëtzebuerg oder d'Welt?*“. De Programm huet an der Münchener Innenstadt, an der Scholastika, gestart. Als éischt gouf et en interessante Virtrag vum Honorarkonsul Axel Gränitz, de selwer en impressionante Liewenslaf virzeweisen huet. Hei gouf de Studenten un d'Häerz geluecht, dass et Doheem zwar am schéinsten ass, mee dass een als éischt soll d'Welt gesinn, éier een sech nees Doheem zur Rou setzt. En zweeten Virtrag gouf vum Här Minister Claude Meisch gehalen, hei stoung och d'Wichtigkeet vun engem Studium am Ausland am Mëttelpunkt, mee och d'Méiglechkeeten déi Lëtzebuerg ze bidden huet, virun allem als opkommende Fuerschungszentrum. No engem exzellente Mëttegiessen, zesumme mat eisen Éieregäschter, am Weinhaus Neuner, huet sech nees jiddereen an der Scholastika fir de Mëttesprogramm zesumme fonnt. Eng Table ronde sollt de Studenten Méiglechkeet ginn zesumme mat der Politik an der Wirtschaft Bedenke vun de Studenten op ze decken an zesumme Léisungen ze sichen. Un der Table ronde hunn de Minister Meisch, Deputéierten Djuna Bernard, President vun der UEL Michel Reckinger, Coordinateur Generale vum Aarbechtsministère Tom Oswald an de President vun der ACEL Benjamin Kinn deelgeholl. Dat ganz gouf vum Ex-Münchener Student Pierre Jans moderéiert. No villen Diskussiounen an engem gudden Austausch tëschent de Studenten an den Invitéen huet den Honorarkonsul Axel Gränitz de REELaner nach e Patt spendéiert. Eng läscht Soirée vun der REEL gouf et dunn an dem Café Reitschule. Hei konnten REELaner bei beschtem lëssen a gudden Gedrénks nach eemol sou richtig op hier Käscht kommen an et gouf bis spéit an d'Nuecht dovun profitéiert.



De leschten Dag sollt e bësse méi roueg oflaffe fir sech vun de vergaangen 3 Deeg ze erhuelen. Den een Deel vun de Studenten huet déi flott Slys Distillerie um Schliersee besicht, während déi aner Studenten et sech an der Therme Erding richtig gutt goe gelooss hunn. Eng leschte Kéier zesummen hunn d'REELaner Mëttes am Hofbräuhaus am Häerze vu München giess an op eng flott, mee leider vergaange REEL, ugestouss.

Domat huele Studenten hoffentlech net nëmme vill flott Erënnerungen, nei Frënn an eng eenzegaarteg Erfahrung mat zréck an hier Studentestad, mee och fir sech eng Äntwert op d'Fro: Mam Studium fäerdeg an elo? Lëtzebuerg oder d'Welt? #lifeisforliving #wdv

GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT, DE STUDENTEGUIDE & GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ

Guide du Futur Étudiant

Du bass am Moment op enger Ofschlossklass am Lycée oder bass souguer scho fäerdeg an du wëlls elo studéiere goen? Dann ass de Guide du Futur Étudiant vun der ACEL genau dat richtegt fir dech. An dëser Broschür, déi an Zesummenaarbecht mat eise 46 Memberscerclen op d'Been gestallt ginn ass, fënns du eng ganz Rei Informatiounen iwwer Studentestied aus 9 verschiddene Länner.

An dësem Guide sinn déi wichtegst Informatiounen vun deene verschiddene Cerclë iwwert déi verschidde Studiegäng an deene jeeweilege Studentestied, bis wéini a virun allem wéi s du dech op deene verschiddenen Universitëiten an Héichschoulen muss umellen, wéi s du am beschten eng Wunneng fënns a wei engen Eventer d'Cerclen dat ganz Joer iwwert an hirer Studentestad ubidden, zesummegefaasst. Zousätzlech fënns du natierlech och de Cerclen hir Kontaktdaten, falls du si kontaktéiere wëlls. De Guide du Futur Étudiant informéiert dech och iwwert déi verschidde BTS-Formatiounen déi s du zu Lëtzebuerg maache kanns.

Donieft gëss du an dësem Guide och informéiert, wéi s du fir deng Studie vun der Studiebäihëllef vum Cedies profitéiere kanns.



De Guide du Futur Étudiant kriss du all Joer gratis op der Foire de l'Étudiant um Stand vun der ACEL, an all Spuerkeessagence, beim CEPAS, beim Cedies, an der Maison de l'Orientation esou wei an der Nationalbibliothék an online als PDF: www.ancel.lu/gfe

Bei weidere Froe kanns du dech zu all Moment per E-Mail bei der ACEL: www.contact@ancel.lu oder direkt beim Cercle mellen.

De Studenteguide

Du hues ugefaangen ze studéieren a scho leit en Bréif an der Boîte mat enger Rechnung vum Rundfunkbeitrag oder der GIS oder et fält schonn eng Taxe d'habitation un? Oder bass du nach op der Sich no enger Wunneng? Dann ass dëse Guide genau dat richtegt fir dech! Fir dir bei sou an nach bei villen anere Problemer an dengem Alldag als Student ze hëllefen, huet d'ACEL dëst Joer déi zweet Editioun vun hirem de Studenteguide eraus bruecht.

An dëser Broschür fënns du eng ganz Rei Informatiounen aus 9 verschiddene Länner, déi dir während dengem Studium kennen nützlich sinn. Sou informéiert dëse Guide dech niewent de Besonneschkeeten an deene Länner och iwwert Wunnengssich, d'Finanzéierung vun dengem Studium a d'Krankeversécherungen. Doduerch, dass dëse Guide an Zesummenaarbecht mat eise Memberscerclen entstanen ass, fënns du an dëser Publikatioun Informatiounen aus éischter Hand. Dës Guide ass dëst Joer erëm un ronn 3 500 Schüler, déi hiren Ofschloss am Grand-Duché am Secondaire gemaach hunn, verdeelt ginn.

De Studenteguide fënns du als PDF op eisem Site, ënner folgende Link: www.ancel.lu/de-studenteguide



Mir hoffen dass dëse Guide dir wieder hëlleft a wënschen dir vill Erfolleg an dengem Studium.

Guide du Futur Diplômé

Du bass elo fäerdeg mat dengem Ofschloss am Lycée, dengem Studium oder denger Léier a wëlls elo am Berufsliewen duerchstarten? Dann fënns du am Guide du Futur Diplômé all déi wichteg Informatiounen déi dir dobäi hëllefen.

All Joers bréngt d'ACEL eng nei Editioun vum Guide du Futur Diplômé eraus fir dir deng éischt Schrëtt um Aarbechtsmarché ze erlichteren.

Hei fënns du eng ganz Réi Informatiounen dozou wéis du am beschten eng Aarbecht sichts, wéi deng Kandidatur soll aus gesinn a wat dech an engem Virstellungsgespréich erwaart. Donieft kanns du dech och iwwert de Salaire, d'Pensioun, d'Stéieren, de Congé dee s du ze gutt hues oder wéi s du eng Wunneng oder een Auto finanzéiers, informéieren. Wëlls du op enger Gemeng schaffen? Dech selbstänneg maachen? Oder souguer Chercheur ginn? Dann fënns du an dësem Guide och déi néideg Informatiounen déi dech um Wee dohi begleeden.

De Guide du Futur Diplômé kriss du all Joer gratis op der Foire de l'Étudiant um Stand vun der ACEL, an all Spuerkeessagence, beim CEPAS, beim Cedies, beim Centre Information Jeunes esou wei an der Nationalbibliothék an online als PDF: www.ancel.lu/gfd



DE STUDENTEBAL 2021

Mir hunn dëst Joer déi 20. Editioun vum eisem traditionelle Studentebal organiséiert. Nodeems de Bal 2020 wéinst der Pandemie ausgefall war an et am Summer 2021 net sécher war, ënner wéi enger Form Evenementer iwwerhaupt méiglech wieren, gouf de Bal dëst Joer ausnamsweis an de September verluecht. Wéi mir dunn am Juni endlech d'Autorisatioun vun der Santé kritt hunn, datt de Bal tatsächlech duerft stattfannen, hu mir direkt mat der Organisatioun ugefaangen. Véier Deeg virum Bal hu mir zesumme mat eise Studentecerclen an an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg dee gréissten Open-Air-Studentebal zu Lëtzebuerg organiséiert.

De Studentebal huet duerch säi besonnescht Konzept erausgestach. A Gruppe vu jee dräi konnten d'Cerclen ee Comptoir bei der ACEL umellen, wou si hir Deko an een Deel vum



Gedrénks konnte selwer gestalten. Duerch dës Variatioun war fir jiddereen um Studentebal eppes dobäi. De Gewinn vum Bal ass integral un déi Cerclë gaangen, déi matgeholf hunn, an domat kann dann och de Studenten an deene verschiddene Stied méi gebuede ginn.

Fir datt och wierklech jiddereen eng fair Chance op Entréestickete fir de Studentebal hat, gouf den Ticketsverkauf opgedeelt. Déi eng Hallschent gouf an de fräie Verkauf gesat, esou datt och Net-Studente konnten op de Bal kommen an déi aner Hallschent gouf un d'Studentecerclë verdeelt, fir datt och si hir Memberen op de Bal invitéiere konnten. D'Billjeeë fir den Owend ware sou gefrot, datt si a kuerzer Zäit ausverkauft waren.

Un der dësjäreger Editioun hunn insgesamt 22 Cerclen deelgeholl, dovun hunn der 21 e staat-spezifische Cocktail ugebueden an ee Cercle huet d'Gäsch mat lesse versuergt. Zesumme mat eisen zwee DJen, den DJ Nosi an den DJ Dasics, konnte sou knapps 2.000 Leit een onvergieslechen Owend zesumme verbréngen.



STUDENT FIR 1 DAG 2021



De Student fir 1 Dag ass alljoers déi perfekt Geleeënheet, de Lycéesschüler:innen an der Ouschtervakanz ze weisen, wat se op der Uni erwartet. Et kann een un enger oder méi Dagesreesen deelhuefen an déi verschidde Studentestied besichen. Als Schüler:in, besonnesch op Première, steet ee viru wichtegegen Entscheedunge fir d'Zukunft: Soll ee studéiere goen oder net? Op wéi eng Uni? Wéi ee Studium ass dee richtege fir een?

De Projet „Student fir 1 Dag“ bitt eng eemoleg Geleeënheet, d'Unien an d'Unisstied op eng ganz besonnesch Aart a Weis kennenzeléieren an de Jonke bei hirer Entscheedung ze hëllefen.

Beim Student fir 1 Dag hunn d'Lycées-schüler:innen d'Méiglechkeet, moies mam Bus vu Lëtzebuerg aus an déi verschidde Studentestied ze fueren an dann op der Plaz vum Studentecercle accueilléiert ze ginn an do déi wichtegst Informatiounen zur Studienoffer, de Coursen, dem Studenteliewe wéi och dem Cercle ze kréien. Hei kréien d'Schüler:innen och déi wichtegst Gebaier vun den Unien an den Héichschoule gewisen, wéi och déi schéinst Ecker vun der Studentestad.

Am Kader vum Student fir 1 Dag stinn och verschidden Dagesreesen um Programm, déi op eegen Initiativ mussen ugefuer ginn, a wou d'Schüler:innen op der Plaz vum Studentecercle encadréiert ginn. Dëst ass de Fall fir déi Stied, déi méi wäit fort leien, wéi München, Berlin, Fribourg, Innsbruck, Wien an Zürech.

Duerch d'Verbreedung vum Covid-19 konnt de Student fir 1 Dag net an deenen 22 Studentestied stattfannen, déi dëst Joer um Programm stoungen. Fir de Schüler:innen awer d'Chance ze ginn, sech mat de Student:innen aus deene verschiddene Stied auszetauschen a wichtege Informatiounen ronderëm d'Studenteliewen an déi verschidde Studiegäng ze kréien, huet d'ACEL de Student fir 1 Dag dëst Joer an de Raimlechkeete vun der Uni Lëtzebuerg organiséiert. Bei der Lëtzebuurger Editioun vum Student fir 1 Dag haten d'Schüler:innen de 6. a 7. Abrëll d'Méiglechkeet pro Dag maximal sechs Studentecercle ze treffen. D'Zil war et, Informatiounen iwwer d'Stad an/oder de Studium



aus éischer Hand ze kréien, wéi och schonn den éischte Kontakt mat Student:innen ze fannen.

Am Ganzen hu bei der Lëtzebuurger Editioun vum Student fir 1 Dag 216 Schüler:inne matgemaach. En Dënschdeg, de 6. Abrëll waren zwielef Stied aus Däitschland vertrueden an e Mëttwoch, de 7. Abrëll konnten d'Schüler:inne verschidde Stied aus Frankräich, der Belsch, Holland, der Schwäiz an Éisträich kenneléieren.

Op dëser Plaz wëlle mir och nach eng Kéier eise Membercercle Merci soen, déi beim Student fir 1 Dag um Belval matgemaach hunn, a fir een informativen Austausch gesuergt hunn.

Mir hoffen, datt mir an der Ouschtervakanz 2022 de Student fir 1 Dag erëm esou organiséiere kënnen, datt d'Schüler:inne sech hir zukünfteg Studentestad kënnen op der Plaz ukucken.

Du wëlls gäre studéiere goen, mee du weess nach net, wat dech op der Uni erwartet? Du weess net, wou s du wëlls studéiere goen a wéi eng Uni déi richtig fir dech ass? Da sief och du Student fir 1 Dag a maach d'nächst Joer an der

Ouschtervakanz um Student fir 1 Dag mat.

Hei nach wichtege Informatiounen: Bis wéini kann ee sech umellen?
Bis zu zwee Schaffdeeg virun der Rees. D'Plaze si limitéiert, déi éischt si vir!

Wat ass alles am Präis mat dran?
Bei all Rees ass de Programm an der jeeweileger Stad souwéi e Mëttesessen am Präis mat dran. Zousätzlech ass bei de Stied (mat Ausnam vun Innsbruck, Wien, München, Fribourg, Berlin an Zürech) och den Transport mam Bus am Präis mat abegraff.

Ech sinn net op Première, dierf ech awer deelhuefen?
Jo, jiddereen, dee wëll, dierf um Student fir 1 Dag deelhuefen.

Wien organiséiert de Student fir 1 Dag?
De Student fir 1 Dag gëtt vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat de Cercle an der jeeweilege Stad, souwéi Voyages Emile Weber organiséiert. An der Studentestad ginn d'Schüler:innen déi ganzen Zäit vun der Lëtzebuurger Student:innen aus der jeeweileger Stad encadréiert.

6. & 7. Abrëll 2021
[ancel.lu/student-fir-1-dag](https://www.ancel.lu/student-fir-1-dag)

Student fir 1 Dag
Luxembourg Edition



ACEL
de Studentenrader

Amsterdam | Berlin | Bonn | Bréissel | Frankfurt | Freiburg | Fribourg
Heidelberg | Innsbruck | Kaiserslautern | Karlsruhe | Köln | Léck
Maastricht | München | Nanzeg | Oochen | Saarbrécken
Stroosbuerg | Tréier | Wien | Zürech

VIRTUELLE STUDENT FIR 1 DAG 2021

Wéi mer et schonns op der Säit virdrun erwänt hunn, ass de Student fir 1 Dag déi perfekt Geleeënheet, de Lycées-schüler:innen ze weisen, wat si op der Uni erwartet. Et kann een un enger oder méi Dagesreesen deelhuelen an déi

verschidde Studiested besichen, déi een interesséieren. Och wa mir als ACEL immens houfreg sinn, datt de Student fir 1 Dag während der Ouschtervakanz an dësem nei ausgeschaffte Konzept um Belval konnt stattfannen, war dëst



leider nach net fir déi geplangte Studiested vum Student fir 1 Dag an der Fuesvakanz méiglech.

Fir de Schüler:innen awer d'Chance ze ginn, sech mat de Student:innen aus deene verschidde Stied auszetauschen a wichteg Informatiounen ronderëm d'Studenteliewen an déi verschidde Studiegäng ze kréien, huet d'ACEL de Student fir 1 Dag fir déi sechs Studiested virtuell organiséiert. Hei haten d'Schüler:inne vum 19. bis den 21. Februar d'Méiglechkeet, u sechs verschidde Videokonferenzen deelzehuelen a sech während zwou Stonnen mat de Cercle wéi och mat der ACEL auszetauschen. D'Zil war et, während de Videokonferenzen op allméiglech Froen vun de Schüler:innen ze äntweren an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, sech och vu Wäitem aus e Bild vun hirer zukünftiger Unisstad ze maachen.

Am Ganzen hu bei dësem Format 46 Schüler:inne matgemaach. Um

Programm stounge sechs Videokonferenzen: Den 19. Februar stounge Lausanne an Aberdeen um Programm, den 20. Februar war et u Rotterdam a Groussbritannien an zu gudder Lescht waren den 21. Februar Oxford an Ohio un der Rei. Während deenen dräi Deeg ass eng virtuell Distanz vu knapps 9.000 Kilometer iwwerbréckt ginn, fir de Schüler:innen op all Fro iwwer déi sechs Studieplazen ze äntweren a si och iwwer déi envisagéiert Studiegäng esou gutt et geet ze informéieren.

Op dëser Plaz wëlle mir och nach eng Kéier eise Memberscercle Merci soen, déi beim virtuelle Student fir 1 Dag matgemaach hunn, a fir een informativen Austausch gesuergt hunn.

Mir hoffen, datt mir an der Ouschtervakanz 2022 de Student fir 1 Dag erëm sou organiséiere kënnen, datt d'Schüler:inne sech hir zukünfteg Studiestad kënnen op der Plaz ukucken.

CORONA AN D'STUDENT:INNEN

Säit Mäerz 2020 bestëmmt d'Corona-Pandemie och d'Liewe vun de lëtzebuerge-sche Student:innen. Mam plötzleche Lockdown am Mäerz 2020 koum de schnelle Wiessel vu Präsenzcoursen op digital Coursen. Net nëmme fir d'Dozent:inne war dëst eng riseg Ëmstellung, mee och fir d'Student:innen huet eng komplett nei Unis-erfarung ugefaangen.

Vill Ongewëssheet huet sech ënner de Student:inne verbreet, begleet mat der Angscht, wéi an ob de Studium kéint normal ofgeschloss ginn. Kënnen d'Examen stattfannen? Wäert ech trotzdeem mäin obligatoresche Stage kënnen maachen? Dat si just zwou vu ville Froen, déi d'Student:inne sech an dëser ongewësser Zäit gestallt hunn.

Fir vill Student:inne war den éischte Lockdown eng schwéier Zäit. Net nëmme, datt alles op eemol online war an ee just nach virum Computer souz, mee virum allem de soziale Kontakt, den Austausch mat Studiekolleg:innen an Dozent:innen, huet enorm gefeelt. Et ass dofir keng Iwwerraschung, datt e groussen Deel vun hinnen de Lockdown am Fréijoer 2020 zu Lëtzebuerg bei der Famill verbruecht hunn. Dobäi koum nach, datt verschidde Länner entscheet hunn, hir Grenzen zouzemaachen an de Lëtzebuerg Student:innen hir Mobilitéit doduerch enorm ageschränkt gouf, wat e weidere schwéiere Schlag während dem Ufank vun der Pandemie war. Nieft der Ongewëssheet ëm de Studium hunn d'Lëtzebuerger Student:innen och nach musse fäerten, net méi an hiert Studieland zrëckzekommen. Wéi den éischte Lockdown eriwwe war an d'Grenzen erëm lues a lues opgemaach goufen, koum en neien Problem op d'Student:innen zou: Eng Rei Länner, wéi z. B.

Däitschland, hunn entscheet, datt d'Areess just nach mat engem negative PCR-Test méiglech wär. De Student:innen huet also musse schnell gehollef ginn an esou konnte si ab August 2020 e Voucher fir e gratisse PCR-Test bei eis ufroen. Dëst huet hir Mobilitéit enorm vereinfacht an hinnen et erméiglecht, zrëck an hiert Studieland ze reesen, ouni a Quarantän ze goen.

De Summer 2020 ass am Verglach zum Fréijoer relativ normal verlaf. Vill Examen konnten a Präsenz geschriwwen ginn an och de soziale Kontakt war erëm méiglech. Et konnt een op e bessere Start vum akademesche Joer 2020/2021 hoffen, mee um Enn vum Summer, war schnell kloer, datt just wéineg Universiteiten an Héichschoulen Präsenzcoursë géifen ubidden. Esou huet fir d'Majoritéit e weidert digitaalt Semester ugefaangen. Och déi Universiteiten, déi probéiert hunn, eng hybrid Form unzebidden, hu spéitstens am Oktober 2020 dës Pläng erëm op Äis geluecht, nodeems d'Zuel vun de positive Fäll erëm staark geklommen ass. Esou ass och dat akademescht Joer 2020/2021 praktesch komplett digital ofgelaf.

Nodeems Ufanks des Joers d'Impfcampagne ugelaft ass, konnt een awer spéitstens am Summer hoffen, datt dat kommend akademescht Joer erëm méi normal kéint oflafen an effektiv gi vill Universiteiten an Héichschoulen erëm zrëck op Präsenzcoursen, oft ënner engem hybride Format. Et schéngt also esou ze sinn, datt e Stéck Normalitéit fir d'Student:innen erëm zrëckkënn.

D'Student:innen haten et net einfach säit dem Ufank vun der Pandemie an dach huet ee si just seele meckeren héieren. Et ass probéiert ginn, dat Bescht aus der Situatioun ze maachen an de Studium esou gutt et geet awer weiderzeféieren. Et ass och probéiert ginn, de Kontakt tëschent de Student:innen duerch digital Eventer oprechtzëerhalen an dach si mir frou, datt et säit dësem Summer erëm méiglech ass, e Stéck Studenteliewen zrëck ze hunn an nieft dem Studéieren och de Rescht ze genéissen, deen dobäi gehéiert. Bleift just ze hoffen, datt et och esou weidergeet.

BOURSE

Nodeems am Mäerz 2020 den éischte Lockdown koom a vill Universitëiten net méi konnte wéi gewinnt weidermaachen, war schnell kloer, datt vill Lëtzebuerger Student:innen de Studium wäerte verlängere mussen. Net nëmme konnten eng Rei Coursen net ugebuede ginn, well se mussen a Präsenz stattfannen, wéi z. B. praktesch Übungen am Labo, mee et sinn och Examen ausgefall a réischt méi spët nogeholl ginn. Ausserdeem konnte vill Student:inne kee Stage maachen, dee si am Kader vun hirem Studium maache mussen. Fir d'ACEL war et dofir schnell kloer, datt mir eng Léisung misste fannen, fir wéinstens de finanzielle Volet ze garantéieren an de Student:innen eng Suerg kënnen ze huelen. Déi zwee zousätzlech Semester Bourse wäeren nämlech fir vill Student:innen net duergaangen, well se hire Studium duerch déi sanitär Kris ongewollt hu misse verlängeren.

Nom éischte Lockdown hu mir eis dofir mam Héichschoulministère zesumme-gesat an eng Léisung gesicht a fonnt. Den Héichschoulministère wollt, genau

esou wéi mir als Student:innevertrie-der, de Student:innen eng gewësse finanziell Sécherheet ginn an esou dofir suergen, datt kee säi Studium muss of-briechen, well hien oder hatt e sech net méi leeschte kann. Aus deem Grond gouf entscheet, datt jiddereen, deen am Summersemester 2020 ageschriwwer war, nach en zousätzlecht Semester Bourse kéint kréien. Och d'Unzuel vun den ECTS-en, déi een no dräi Joer muss hunn, fir kënnen e véiert Joer vun der

Bourse ze profitéieren, gouf ugepasst. D'Gesetz gouf schnell gestëmmt a konnt den 1. August 2020 a Kraaft treden. D'Student:inne konnten also schonn ab der Rentrée 2020/2021 vun hirem drëtten zousätzleche Semester Bourse profitéieren.

Déi sanitär Kris war awer nach laang net eriwwer an esou hunn nei Stu-dent:innen, déi am akademesche Joer 2020/2021 ugefaangen hunn,

musse matzen an enger Pandemie mam Studium ufänken. Eis war schnell bewosst, datt dës schwie-rege Start den Ufank vun engem Studium nach méi erschwéiere géif. Et war net nëmme esou, datt weiderhi vill Coursen net konnten ugebuede ginn a vill Examen verluecht goufen, dës Student:innen hunn och musse mat enger neier Situatioun eens ginn, déi et esou virdrun nach net ginn ass. Al-lerdéngs war et fir déi Student:innen net méiglech, vun engem drëtten zousätz-leche Semester Bourse ze profitéieren, well si am Gesetz, dat den 1. August 2020 a Kraaft getrueden ass, net mat abegraff waren. Eis war et awer wichteg, datt och dës Student:innen en Usproch op e weidert Semester Bourse hätten a sech keng Suergen ëm hir finanziell Situatioun misste maachen, well hire Studium net konnt wéi geplangt oflafen. Mir hunn eis dofir am Fréijoer 2021 nach eng Kéier mam Héichschoulministè-re zesumme-gesat, fir op dës Problem opmierksam ze maachen. Och de Ministère war eiser Meenung, datt een dësen neie Student:inne misst ënner d'Äerm gräifen an esou ass den 1. August 2021 e weidert Gesetz a Kraaft getrueden, dat et och de Student:innen, déi am Joer 2020/2021 ugefaangen hunn, ze studéieren, erméiglecht, vun engem weidert Semester Bourse ze profitéieren.

ËMFRO IWWER D'WUELBEFANNE VU STUDENT:INNE WÄREND DER PANDEMIE


D'Corona-Pandemie huet säit annerhallwem Joer eist Liewe fest am Grëff. Nach ëmmer sinn d'Coursen komplett oder zum groussen Deel online. Vill vun de Stu-dent:inne waren an de leschte Méint wéineg an hirer Studiestad an hunn hir sozial Kontakter staark ageschränkt. All dat huet Spuere bei hinnen hannerlooss.

Fir erauszefannen, wéi et de lëtzebuergeresche Student:inne geet, huet d'ACEL am Februar eng Ëmfro iwwer d'Wuelbefanne vu Student:inne während der



Ëmfro iwwert
d'Wuelbefanne vu
Student:inne während der
Pandemie

Wéi huet sech d'Situatioun déi lescht 12 Méint (Pandemie, Lockdown, etc.) op deng mental Gesondheet ausgewierkt?



Corona-Pandemie bei hire Cercle lancéiert. Ronn 600 Student:innen, déi gréisst-tendeels ausserhalb vu Lëtzebuerg studéieren, hu bei dëser kuerzer Ëmfro matgemaach.

Dobäi koom ee kloert Resultat eraus: De Student:inne geet et wéinst der Pandemie mental extrem schlecht. 80 % hunn uginn, datt hir mental Gesondheet sech verschlechtert huet. Virun allem d'Kontaktbeschränkungen waren eng grouss Be-laschtung fir si.

Och d'Online-Coursen op den Universitëiten an Héichschoule sinn oft net zefriddestellend. D'Hallschent vun de Befroten sinn onzufrieden mat der digitaler Léier. Ausserdeem ass den Aarbechtsopwand fir bal 60 % vun de Student:inne méi grouss ginn. Een Drëttel vun de Student:innen huet esouguer driwwer noge-duecht, de Studium ofzebriechen.


Positiv ass awer, datt et just wéineg Student:innen aus Lëtzebuerg finanziell manner gutt geet wéi virun der Pandemie. Mir sinn immens frou, datt och Dank eiser Ze-summenaarbecht mam Héichschoulministère dat zousätzlecht Semester Bourse fir jiddereen, deen am Summersemester 2020, respektiv am akademesche Schoul-joer 2020/2021 ageschriwwer war, mat dozou bäigedroen huet, datt just wéineg Student:inne sech Gedanken ëm hir finanziell Situatioun hu musse maachen.

Hoffentlech wäert et an noer Zukunft erëm méiglech sinn, datt all d'Student:innen allegueren d'Coursen a Präsenz beleeden, esou datt mir ewéi virun der Pandemie vum Student:inneliewe profitéiere kënnen.

GRATIS PCR-TESTER FIR STUDENT:INNEN


Nodeems am Mee 2020 den éischte Lockdown eriwwer war, hunn och déi verschidden europäesch Länner hir Grenzen erëm opgemaach. Fir vill Student:innen huet dat bedeit, datt si erëm zréck an hiert Studieland konnte reesen. Vill Student:innen hunn och mussen zréck, fir un hiren Examen deelzehuelen, déi deelweis erëm a Präsenz geschriwwen gi sinn. Mee och wann d'Grenzen erëm op waren, huet ee fir an déi meescht Länner en negative PCR-Test gebraucht, fir kënnen iwwer d'Grenz ze goen. Et war dofir wichteg, schnell eng onkomplizéiert Léisung fir d'Student:innen ze sichen, fir datt si sech ouni groussen Opwand kéinten teste loossen. Mir hunn dofir mam Héichschoulministère gekuckt, fir eng Léisung ze fannen a kuerz dono gouf entscheet, datt d'Student:innen, déi en negativen Test bräichten, fir zréck an hiert Studieland ze reesen, e Voucher kéinte bei eis ufroen. Während dëst am Ufank alles per E-Mail ofgelaf ass, wat eng zäitopwänneg Aarbecht fir d'Comitésmembere war, huet eisen Informatiker am Ufank vun dësem Joer en neie System op d'Bee gestallt, fir datt d'Demandé kéinte méi séier traitéiert ginn. Doduerch hu mir enorm vill Zäit gewonnen an d'Prozedur war esouwuel fir d'Student:innen ewéi och fir eis méi einfach. Bal ee Joer laang hu mir Voucheren un d'Student:inne verdeelt. Am Ganze goufen 3.478 Demandé gemaach, wouvunner der 57 ofgeleent goufen an 3.421 ugeholl gi sinn. Am Juli, nodeems d'Regierung entscheet hat, datt jidderee sech ouni Voucher e Rendez-vous fir e PCR-Test kéint huelen, hu mir opgehalen, Coden ze verdeelen. Duerch dat schnellt Handele vum Héichschoul- a Gesondheetsministère konnt schnell eng Léisung fonnt ginn, fir de Student:innen hir Mobilitéit ze vereinfachen an doriwwer si mir extrem dankbar. Mir si frou iwwer déi gutt Zesummenaarbecht, déi et tëschent de Ministère an der ACEL während der Pandemie ginn ass.

Nach bis de 15. September 2021 goufen déi gratis PCR-Tester fir all Awunner:innen vu Lëtzebuerg ugebueden. Dono war et net méi méiglech, datt Student:inne sech



kéinte gratis teste loossen. Allerdéngs gëtt et eng Ausnam: Wann ee Student:in ass a vollstänneg geimpft ass, an trotz der Impfung en negativen Test brauch, fir zréck a säi Studieland ze reesen, da kann ee weiderhin eng Demande fir e gratisse PCR-Test bei der ACEL maachen. Och wann d'Prozedur elo anescht ass an d'Voucheren net méi digital kënnen geschéckt ginn, kënnen dës Student:innen awer weiderhi vun engem gratisse PCR-Test profitéieren.

IMPFUNGEN



Nodeems schnell eng Léisung fonnt gi war, fir datt d'Student:inne sech gratis kéinten teste loossen an och d'Grenzen erëm opgemaach gi sinn, koom awer schoonn den nächste Problem fir eng Rei Student:innen. Während d'Impfcampagne am spéide Wanter och zu Lëtzebuerg ugelaft ass, war et awer net virgesinn, datt jonk Leit soubal sollten hir Invitatioun geschéckt kréien. An anere Länner war

et awer fir vill jonk Leit méiglech, sech éischter impfen ze loossen an esou goufen och eng Rei Student:innen aus Lëtzebuerg scho fréi an hire Studielänner geimpft, mee d'Majoritéit vun hinnen huet musse bis an de Summer waarden, fir hir Invitatioun ze kréien.

Wat fir vill Student:innen zwar eng Gedoldprouf war, mee awer kee groussen Problem duergestallt huet, huet awer fir eng kleng Unzuel vu Student:inne fir eng groussen Ongewëssheet gesuergt. Verschidden Universitëten a Schoulen, dorënner virun allem Institutiounen an den USA, hunn nämlech fir den Ufank vum Semester just Student:innen op de Campus gelooss, déi vollstänneg geimpft waren. Während an Däitschland a Frankräich d'Universitëten oft eréischt am September oder Oktober uginn, esou fänkt an den USA d'Semester oft schonn Ufank August un. Vill Zäit ass de Student:innen dofir net bliwwen.

D'ACEL krut dofir am Mee eng Rei E-Maile vu Student:innen, déi verzweiwelt probéiert hunn, fréizäiteg geimpft ze ginn, fir kënnen zréck an hiert Studieland ze reesen. Dofir war et wichteg, schnell eng Léisung ze fannen, fir dës Student:innen d'Méiglechkeet ze ginn, virum Ufank vum Semester vollstänneg geimpft ze sinn. Op en Neits hu mir eis mam Héichschoul- a Gesondheetsministère zesumme gesat, fir ze kucken, wéi dës Student:inne fréizäiteg hir Invitatioun kéinte kréien a schnell huet d'Regierung entscheet, datt déi betraffe Persounen fréizäiteg geimpft kéinte ginn.

D'ACEL huet dunn en Opruff lancéiert, datt déi concernéiert Student:innen eng Demande kéinte maachen, fir fréizäiteg geimpft ze ginn. Op Basis vun de Krittären, déi mir vun de Ministère matgedeelt kruten, hu mir dunn d'Demanden traitéiert an d'Dossiere weider un de Gesondheetsministère geschéckt. Nodeems d'Dossieren do nach eng Kéier kontrolléiert goufen, kruten d'Student:innen dunn hir Invitatioun geschéckt. D'ACEL krut eng ronn 100 Demandé vu Student:innen, déi vun enger fréizäiteger Impfung profitéiere wollten an dovun goufe 45 Demanden acceptéiert. D'ACEL huet esou erreecht, datt all d'Student:innen, déi hu musse vollstänneg geimpft sinn, hir Impfung virum d'Semesterufank haten.

Wéi beim Verdeele vun de Vouchere fir gratis PCR-Tester war et och bei den Impfungen just duerch déi gutt Zesummenaarbecht mam Héichschoul- a Gesondheetsministère méiglech, schnell eng einfach Léisung ze fannen. Déi zwee Ministère hunn an de leschte Méint ëmmer erëm probéiert, esou gutt et geet de Student:innen ze hëllefen a Léisunge fir Problemer ze fannen.

STUDIENINFO

D'Schüler:inne vun den Ofschloss-klasse sti virun enger wichtiger Entscheidung. Et stellt sech d'Fro, ob si no hirem Ofschloss schaffe goe sollen oder léiwer studéiere goe wëllen. D'ACEL geet reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert d'Land, fir d'Schüler:innen iwwer d'Studiegäng, d'Unien an d'Héichschoulen, d'Wunnengssich, de Finanzement vun hirem Studium an d'Studenteliewen am Generellen ze informéieren. Wärend dësen Informatiounsseancë kann d'ACEL natierlech och de Schüler:innen hir Froen zu dësen Theme beäntweren.

D'ACEL deelt hei och hir verschidde Publikatiounen aus. Dës sollen de Schüler:innen op hirem Wee an d'Studenteliewe wärend hirem Alldag oder bei hiren éischte Schrëtt um Aarbechtsmarché hëllefen. Heibäi handelt et sech ëm de Guide du Futur Étudiant, de Studenteguide an de Guide du Futur Diplômé.


Am akademesche Joer 2020/2021 war d'ACEL insgesamt un 11 Studieninformatiounen an 13 verschidde Lycéeën present. Duerch déi sanitär Mesuren, goufe 7 vun de Studieninfoen online iwwer Plattformen ewéi Teams oder Zoom ofgehalen.



Partenaire officiel

 **SPUERKEESS**

Falls Dir drun interesséiert sidd, datt mir och an Äre Lycée kommen an op Är Froen oder déi vun Äre Schüler:innen äntweren, kënnt Dir lech gäre bei eis ënnert contact@acel.lu mellen.



ACEL-EVENTER

Mir organiséiere reegelméisseg Eventer, fir d'Studenten aus deene verschidde Studiested zesammenzebréngen. Wéi gewinnt hu mir och dëst Joer probéiert, deen een oder aneren Event fir eis Studentecercle ze organiséieren. Wéinst der Covid-19-Pandemie ass et eis virun allem am Ufank vum Joer awer méi schwéiergefall, grouss Eventer ofzehalen, well et net méiglech war, sech a Präsenz ze treffen.



Réckbléck op den Instaquiz

Fir eis Studenten e bësse vun der Uni ofzelenken, hu mir am Februar iwwer zwee Deeg en Online-Quiz op Instagram ofgehalen. D'Participantë konnt sech a sechs verschidde Kategorië mat jeeweils aacht Froe beweisen. De Gewënner huet e Bong am Café gewonnen. Am Ganzen hunn iwwer 300 motivéiert Leit um Quiz deelgeholl.



Réckbléck op de Kinosowend

An der Ouschtervakanz war et endlech sou wäit, et huet ee sech nees dierfen a kleng Gruppen treffen. Dunn hu mir d'Geleeënheet genotzt an hunn e Kinosowend am Kino Le Paris zu Beetebuerg organiséiert. Zil vum Kinosowend war et, d'Studenten zesammenzebréngen an awer och déi néideg Distanzen anzehalen. Et hu 40 Studenten um Owend deelgeholl, fir sech zesammen de Film "Superjheemp retörns" unzékucken. Nom Film hunn d'Studenten dovu profitéiert, sech no laanger Zäit rëmzegesinn a sinn nach eng Zäitche bliwwen, fir sech ënnereneen auszetauschen.

Ausbléck op den Tournoi de Noël

Mir sinn optimisteschesch, datt den Tournoi de Noël no engem Joer Paus nees dierfënner der Form vun engem Covid-Check-Event stattfannen. Dëst Turnéier organiséiere mir all Joer zesumme mat der LASEL an der Chrëschtvakanz. Wärend zwee Deeg kënnen d'Cerclë sech an de Sportarten Basket, Volleyball a Fussball ënner Beweis stellen. Dofir reservéiert iech de 26. a 27. Dezember 2021 a kommt bis laanscht an d'Halle vum Geesseknäppche kucken.

INTERCERCLEN

Mir si frou doriwwer, datt am Joer 2021 déi beléift Intercerclen erëm konnten organiséiert ginn. Och wann nach net sou vill Intercerclë stattfonnt hu wéi virun der Pandemie, hu bis elo scho véier Intercerclë stattfonnt.

Wat nei ass, ass, datt d'Student:innen net méi onbedéngt musse beieneen zesumme kommen, fir datt et als Intercerle gezielt gëtt. Sou konnt zum

Beispill d'ALEM, d'Associatioun Luxembourgaise des Etudiants en Médecine, e Blutspendmarathon organisieren.

Während engem Mount haten d'Studenten aus deene sëllege Cercle d'Méiglechkeet, Blut spenden ze goen. Dee Cercle, deen duerno am meeschte Blut gespent hat, hat souvill Liter Béier gewonnen wéi Liter Blut gespent goufen. Dësen Event war e groussen Erfolleg an et goufe ronn 35 Liter Blut an aacht Liter Plasma gespent.

D'Studente vu Karlsruhe hunn hir traditionell Véelosheemrees konnten an enger



E Rallyesgrupp op der Wuermer Koeppchen



Gruppenfoto um Intercerle zu Léck

liicht ofgeännerter Versioun organisieren an hunn de Wee tëschent Karlsruhe a Lëtzebuerg trotzdeem mam Vélo gemeeschtert. Soumat konnte si 4.500 € sammeln an un d'SOS Kannerduerf Lëtzebuerg spenden.

Et goufen awer och erëm normal Intercerclen ofgehalen, wéi de Route-du-Vin-Rallye vun der ALUS (Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg), wou et zu Wuermer zu Fouss duerch d'Wéngerte gaangen ass an de Lëstle-Rallye, deen de Participanten de Charme vun der belscher Stad op eng interessant Aart a Weis gewisen huet.

Fir de Rescht vum Joer si siwen Intercerclë geplangt. Vum Lûxi-Rallye zu Tréier bis zum Caféstour zu Oochen, d'Beerpong-Turnéier zu Fribourg an der Tarte Flambée à volonté zu Stroossbuerg ass fir jiddereen eppes dobäi. D'Badische Meile zu Karlsruhe, Kölle Alaaf zu Köln an de Clear the Bottles zu Zürich stinn och nach um Programm an hoffen, sou vill Student:inne wéi méiglech kënnen ze begrëssen.

Domat dierft et bis zum Enn vum Joer kengem Student langweileg ginn, a vläicht léiert ee jo um nächsten Intercerle deen een oder aneren neie Kolleeg kennen.

DEINE ZUKUNFT zusammen gestalten

Setz dich zusammen mit dem LCGB für bessere Löhne und Arbeitsbedingungen in deinem späteren Fachbereich ein!

Concevoir ton AVENIR ensemble

Engage-toi ensemble avec le LCGB pour de meilleurs salaires et conditions de travail dans ton futur domaine !



PRESENTATIOUN VUN DE MEMBERS- CERCLË VUN DER ACEL

Fachspezifesch Cerclen

**ALEM**

Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine
contact@alem.lu

**ALEP**

Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Psychologie
contact@alep.lu

**ANEIL**

Association Nationale des Etudiants
Ingénieurs Luxembourgeois
contact@aneil.lu

**ANELD**

Association Nationale des Etudiants
Luxembourgeois en Droit
contact@aneld.lu

**ANESEC**

Association Nationale des Etudiants
en Sciences Economiques et
Commerciales
info@anesecl.lu

**eLSIC**

Cercle des étudiants luxembourgeois
en Sciences de l'Information et de la
Communication
info@elsic.lu

**HISTORIC.UL**

Association des Etudiants en Histoire
du Luxembourg
historic.ul1@gmail.com

JONK BAD

Bibliothéikswiesen-, Archivistik-
an Dokumentatiouns-Studenten
info@jonkbad.lu

Lännerspezifesch Cerclen

Däitschland

**AELK**

Amicale des Etudiants
Luxembourgeois à Karlsruhe
contact@aelk.lu

ALESONTIA

Lëtzebuenger Studenten zu Bonn
kontakt@alesontia.lu

**AVL**

Akademischer Verein d'Lëtzebuenger
comite@avl.lu

LSB

Lëtzebuenger Studenten zu Bingen
ls-bingen@outlook.de

**LSC**

Lëtzebuenger Studentclub Cölln
lsc.comite@gmail.com

**LSD**

Lëtzebuenger Studenten zu Düsseldorf

**LSH**

Lëtzebuenger Studenten zu Heidelberg
kontakt@lsh.lu

**LSHH**

Lëtzebuenger Studenten zu Hamburg

**LSK**

Lëtzebuenger Studenten zu
Kaiserslautern
info@lsk.lu / comite@lsk.lu

LSM

Lëtzebuenger Studenten zu München
comite@lsm.lu

LSRM

Lëtzebuenger Studenten am
Rhein-Main-Gebitt
info@lsrm.lu

LSS

Lëtzebuenger Studenten zu
Saarbrécken
lss.comite@outlook.com

LST

Lëtzebuenger Studenten zu Tréier
comite@lst.lu

LSWÜ

Lëtzebuenger Studenten zu Würzburg
lswue.info@gmail.com

SLUF

Studente vu Lëtzebuerg op der
Uni Freiburg
comite.sluf@gmail.com

VLIB

Verein Luxemburger Studenten
in Berlin
comite.vlib@gmail.com

Frankräich

**AELP**

Association des Etudiants
Luxembourgeois à Paris
contact@aelp.lu

ALUS

Association des Luxembourgeois
aux Universités de Strasbourg
contact@alus.lu

CELM

Cercle des Etudiants Luxembourgeois
à Montpellier
celm.comite@gmail.com

ELAN

Etudiants Luxembourgeois à Nancy
elan.comite@gmail.com

LËTZ'AIX

Association des Etudiants
Luxembourgeois à Aix-en-Provence
comite@letzaiix.com

Belsch

CELB

Cercle des Etudiants Luxembourgeois
à Bruxelles
comite@celb.lu

CELBAS

Cercle des Etudiants Luxembourgeois
de Bastogne
celbas2014@hotmail.com

GDL

Grand-Ducale à Louvain-la-neuve
grand-ducale@hotmail.com

LËSTLË

Lëtzebuenger Studenten zu Léck
comite.lestle@outlook.com

Schwäiz

AELL

Association des Etudiants
Luxembourgeois à Lausanne
aell.comite@gmail.com

FRIBLËTZ

Lëtzebuenger Studenten zu Fribourg
comite@fribletz.lu

LSSG



Lëtzeburger Studenten zu St.Gallen
lsstgallen@gmail.com

LSZ



Lëtzeburger Studenten zu Zürich
comite@lsz.lu

Groussbritannien



Lëtzeburger Studenten zu Aberdeen
lsabdncercle@gmail.com

SLSB



Society of Luxemburgish Students
in Britain
slsbritain@gmail.com

LSI



Lëtzeburger Studenten zu Innsbruck
contact@lsi-students.at

LSW



Lëtzeburger Studenten zu Wien
lsw@lsw.lu

Holland



Luxembourgish Students in
the Netherlands
comite.lsnl@gmail.com

LUAM



Luxemburgish Students at
Miami University
luxstudents@miamioh.edu

Lëtzebuerg



Lëtzeburger Studenten vun
der LUNEX
lsu@stud.lunex-university.net

RÄTSEL ZOOM 2021

Test däi Wëssen!
Bréng eis bis 14 Auer op eise Stand vun der Journée de rencontre d'komplett ausgefëllt Rätsel an mat bësse Chance gewënns du ee klenge Kaddo!

1. Wat war dat éischt Präsensevennt wat d'ACEL fir d-Studenten organiséiert huet?
2. Wéi vill verschidde Stied waren um Student fir 1 Dag - Luxembourg Edition vertrauden?
3. Wéi heescht Grafikerin vun der ACEL? (Virnumm)
4. Wou hätt d'REEL lescht Joer statt fonnt?
5. Wéi vill Joren (Stand 30.10.21) leien tëschent dem jéngsten an eelste Comitésmember vun der ACEL?
6. An wéi engem Mount fënnt Wanter AG statt?
7. Wéi ee Spezial Drink huet de LSWü um Studentebal verkaf?

8. Zu wéi enger Stad gehéiert de Storchi?
9. An wéi engen Gebailechkeeten huet d-Partnerfoire op der REEL stattfonnt?
10. Wéi een Comitésmember vun der ACEL studéiert zu Heidelberg? (Virnumm)
11. Wéien Event vun der ACEL huet dës Joer seng 20. Editioun geféiert?
12. D'Ann ass neie Coopté bei der ACEL, wou studéiert hat?
13. Wéi eng Persoun ass am längste bei der ACEL dobäi?
14. Wéi ass Ofkierzung vun der Amicale vun der ACEL?
15. Op wéi ville Studieninfo war d'ACEL am Joer 2020/2021?
16. Wou hunn d-Summer AG vun der ACEL stattfonnt?
17. Wéi vill Leit waren dëst Joer um Studentebal?
18. Fir wat konnte Studente bei der ACEL ee gratis Voucher kréien?
19. Wéi een DJ huet nieft dem DJ Nosi um «De Studentebal» opgeluecht?
20. Wéi ee Cercle huet ee Stethoskop am Logo?

13

13

2

20

11

14

6

15

16

3

6

5

4

17

8

12

1

7

15

8

2

12

11

10

1

9

18

19

10

3/-7

9

4

12

5

ä = ae

ü = ue

ö = oe

ë = ee

1 2 3 4 5 6 7 8 9 10

11 12 13 14 15 16

IMPRESSUM

EDITEUR

Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tel.: (+352) 20 60 84 84
www.ancel.lu | contact@ancel.lu

OPLAG

70.000 Exemplairen

KOORDINATIOUN

Polina BASHLAY

REDAKTIOUN

ACEL Comité

Fir d'Form an den Inhalt vun den Artikelen
sinn eleng d'Auteure verantwortlech.

D'ACEL seet all de Leit, déi un dëser
Edition matgeschafft hunn,
e grouse Merci!

FOTOEN

ACEL, Oli Frisch

LAYOUT

Mediahuis Luxembourg

PUBLICITÉIT

régie.lu s.a.

Op der sich no enger

AARBECHT

oder engem

STAGE?

Job Portal

...

op
ancel.lu/jobs



PSST... TU ES DÉJÀ AU COURANT ?

Demande dès maintenant la nouvelle tranche de ton prêt CEDIES via S-Net Mobile !

Avec SPUERKEESS, la 1^{ère} banque à proposer ce service, tu n'as
donc plus besoin de te déplacer en agence pour ton prêt CEDIES.

C'est tellement FACILE et PRATIQUE !



SPUERKEESS.LU/cedies